**Amicale des Anciens Etudiants Luxembourgeois de l'EPA**

http://www.aachen.lu

31 Mee 2007

# Invitatioun fir de Pic-Nic 2007

Leiw jonk an aal Oochener,

Well mer dest Joer aus organisatoresche Grënn nët wéi gewinnt zu Esch feieren kënnen, hu mer eng aaner schéi Plaaz erausgesicht op déi mer Iech an äer Famill invitéieren fir gemittlech zesummen ze picniquen:

D'Adress vum Dag as **« op der Drëps »**, hannert der Thillsmillen tescht Mamer a Koplecht. Den Datum as wéi gewinnt den **23. Juni**.




Fir d'Frühaufsteher an d'Sportler as de Rendez-Vous um **9:45** op der Picnic's Plaaz vu wou aus mer eis op e klengen Appetit- an Duuscht-ureegenden **Trëppeltour** op de Wee maachen. Jiddereen as dann um **11:30** op den **Apero** agelueden. Gengt Mëtteg gi mer da vun eisem Grillmeeschter verwinnt.

Wéi ëmmer kënne mer eis dono bei enger Partie Petanque austoben, a fir d'Kanner hu mer erëm extra e gefiedert Schlass opgeriicht. Well mer direkt un enger Baach picnicen, sin och all erdenkbar Waasserspiller méiglech, paakt dofir de Kanner eventuell e Puer Stiwwelen an eng extra Garnitur drechent Gezei an.

Umelle sollt där iech bis den 18. Juni beim Louis, eisem President (philippe@cegedel.lu, 388444) oder bei mär (asorne@gmail.com) oder iwwert de Formulaire op eisem Internet-Site http://www.aachen.lu/aktiviteiten/2007/

Bis geschwënn

Michel Asorne – Secrétaire | Louis Philipe – Président

---

Ech, ............................................................ kommen den 23. Juni an d'Dreps op de Picnic.

Mer sin zu ............ Erwuessener a ............ Kanner.

---

Amicale des Anciens Etudiants Luxembourgeois de l'Ecole Polytechnique d'Aix-la-Chapelle
Boîte postale 52 L-5801 Hesperange
CCPL : LU82 1111 0443 2953 0000 BILL : LU79 0027 1005 3380 0000

Secrétariat : Michel Asorne / 18, rue René Weimerskirch / L-2713 Luxembourg
Téléphone : 691-391 332 / e-mail : michel_asorne@bce-lu, asorne@gmail.com